



**Äntwert vum Här Claude Haagen, Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 5459 vun den éierbaren Deputéierten André Bauler a Gusty Graas**

• **Wéi vill Bauerebetriber féieren ewell en Haffbuttek oder änlech Strukturen nom Prinzip vu Self-Service (Frigo, Automat etc.)?**

Den Service d'économie rurale huet am Kader vun der Strukturhiewung 2021 d'landwirtschaftlech Betriber zu hirer Direktvermaartung um Betrib befrot. Dësen Online-Questionnaire gouf vun 1.719 Betriber beäntwert. Dëst entsprécht 92% vun de Betriber am Erhiewungskrees. Dovun hunn 323 Betriber (18,4%) uginn, Direktvermaartung op hirem Betrib ze bedreiwen. Déi folgend Verdeelung weist sech bei de Verkaafsweeër. Dëst stellt d'Unzuel u Betriber duer, déi méi Weeër gläichzäiteg konnten uginn:

Privatverkauf: 212

Hofladen: 97

sonstiger Verkaufsweg (online, Lieferung, ...): 81

Verkaufsstand: 39

Markt: 16

Automat: 12

Deemno stellt de private Verkaf dee wichtegste Verkaafswee duer. Dobäi sief awer ze soen, datt dëst och d'Wënzer mat aschléisst, déi hir Produiten ouni Zwëschenhändler verkafen.

Wat d'Schluechte vun Déieren aus der eegener Produktioun, Verschneide vu Karkasse respektiv Produktioun vu Fleeschprodukter um Haff betrëfft, sinn dës Aktivitéite vum « Règlement grand-ducal du 25 novembre 2011 concernant l'abattage à la ferme des ongulés domestiques provenant de cette exploitation, la fabrication de produits à base de viande et la mise sur le marché de ces viandes et de ces produits » ofgedeckt. De Bauer däerf dës Fleesch a Fleeschprodukter just un den Endkonsument zu Lëtzebuerg verkafen.

Momentan si bei der Veterinärsverwaltung 28 landwirtschaftlech Betriber als Selbstvermarkter an dësem Beräich autoriséiert. Dovu sinn der awer 9 Stéck net méi aktiv. Op 9 vun de Betriber ginn nach Déieren um Haff selwer geschluecht, wouvun 2 Betriber Geflügel an déi aner Schwäi respektiv Kalwer schluechten. Déi aner Betriber loossen hir Déieren an engem Schluechthaus schluechten a maachen um Haff just eng Découpe vun de Karkasse respektiv produzéiere Fleeschprodukter.

Mëllechtankstelle sinn der bei der Veterinärsverwaltung 8 enregistréiert.

- **Wat fir Produkter ginn am heefegsten ugebueden?**

**Verkafen des Betriber just Produkter vum eegenen Haff oder och nach aner Produkter?**

Déi folgend Tabelle weist d'Unzuel u Betriber, déi déi eenzel Produite verkafen. Hei konnten d'Betriber méi Produite gläichzäiteg ugin:

<b>Primärprodukte</b>	Rindfleisch	99
	Eier	90
	Kartoffeln	58
	Gemüse	54
	Obst	41
	Geflügelfleisch	37
	sonstiges Fleisch	33
	Kuhmilch	27
	Honig	19
	Schweinefleisch	16
	sonstige (Blumen, Ziegenmilch,...)	21
<b>Verarbeitete Produkte</b>	Weine	60
	Fleischprodukte	42
	Spirituosen	24
	Marmelade	22
	sonstige Erzeugnisse (Nudeln, Joghurt,...)	39

Et ginn hei souwuel Betriber, déi nëmmen hier eege Saachen ubidden, wéi och der, di Produkter vun aner Produzentekollegen oder och Liewensmëttel vun Handelspartner weiderverkafen. A verschiddene Fäll hunn sech kleng Haffbutteker esou zu klengen Duerfepicerien entwéckelt.

- **Wéi huet sech d'Unzuel u Betriber, déi an der Direktvermarktung aktiv sinn, an de leschte Joren entwéckelt?**

Besonnesch zënter dem Ufank vun der COVID-19-Kris huet sech den direkte Verkaf vum Produzent un de Konsument weiderentwéckelt. Esou hu verschidde Betriber dës Vermarktungsméiglechkeeten nei ugefang, mee a ville Fäll hunn dës scho bestan a sinn awer elo ausgebaut ginn.

Lëtzebuerg, den 18. Januar 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN